ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

Op der Basis vun enger eesäiteger Ausleeung vum EU Reglement 391/2013 huet d'Administratioun vum Fluchhafen (ANA) zanter dem 1. Januar 2015 d'Landetaxen um Findel ofgeschaf. Et ginn do nëmmen nach Taxen (Terminal Navigation Charges) beim Start a Rechnung gestallt.

Mat dëser Moossnam ginn der ANA net nëmme Recette verluer, mä et gëtt och kéng Méiglechkeet méi, fir Landungen an der Nuecht iwwert héich finanziell Aboussen ze beaflossen. Och d'Héicht vum Kaméidi, déi e Flieger produzéiert, spillt esou bei der Landung keng Roll méi.

Dowéinst wéilt ech Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen des Froe stellen:

1) *Wéi en Afloss hat d'Lëtzebuerger Regierung bei der Ausschaffung vum EU Reglement 391/2013? Wann et dobäi zu engem Vote komm ass, wéi huet d'Lëtzebuerger Delegatioun ofgestëmmt? Oder huet Lëtzebuerg dem „Konsensus" zougestëmmt?*
2) *Den Här Minister huet an enger viregter Fro (QP 1756) d'Neesaféierung vun enger Landetax um Findel vun enger Revisioun vun der internationaler (europäescher ?) Reglementatioun ofhängeg gemaach. Schafft d'Lëtzebuerger Regierung aktiv drun, vir dës Reglementatioun ze änneren? Sinn do, z.B., konkret Efforten ënnert der Lëtzebuerger Presidence ënnerholl ginn?*
3) *E géifen aner Fluchhäfe ginn, déi esouwuel eng Tax beim Landen a beim Start verrechnen, wéi z.B. Bréissel, Frankfurt an Hahn. Kann den Här Minister dëst bestätegen, an dobäi erkläre wéisou d'EU Reglement ënnerschiddlech kann ugewannt ginn?*
4) *Wéi wëllt den Här Minister kuerzfristeg, spéitstens no den Aarbechten un der Piste, agräife fir d'Landungen nuets am Gréff ze halen?*
5) *Wéi en Afloss hat d'Ofschafe vun der Taxe beim Landen op d'Taxe beim Starten? War et dobäi méiglech, d'Recette proportional zum Trafic um Findel am Gläichgewiicht ze halen? Wa neen, wéi héich ass de potentielle Verloscht?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten